Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Kooperatioun weiderzeleeden.

Mam Gesetz vum 6. Januar 1996 gouf de Statut vum *Agent de la coopération* geschaf. Dëse Statut kënnen Employéen aus Privatsecteur an och Staatsemployéen a Fonctionnaire kréien. Dës Persoune leeschten am Alldag e wichtege Bäitrag zur Kooperatiounspolitik um Terrain.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

- Opgedeelt no der Ënnerscheedung tëscht Privatsecteur, Employé de l'État a Fonctionnaire engersäits an opgedeelt no dem Déngschtalter anerersäits: Wéi vill Agents de la coopération sinn aktuell am Asaz?
- Wéi vill dovunner sinn u lëtzebuergesch Ambassaden attachéiert? Wéi vill schaffen zu Lëtzebuerg?
- Wéi vill Agente profitéiere vun enger *indemnité de séjour*? Wéi héich ass dës an der Moyenne? Ass dës un d'*indemnité de poste* vun den Diplomate gekoppelt? Wa jo, wéi eng Formel gëtt do applizéiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député